



# Thematik Stater Gare a Bouneweg: 2 Léisungsvirschléi fir eng nohalteg Secherheetspolitik

Op d'Situatioun op der Stater Gare elo wierklech esou schlëmm ass, wéi vu munche Leit behaapt, kënnen a wëlle mir net beurteelen.

Et schéint eis awer kloer ze sinn, dass wann manner Leit mat Drogeproblemer an/oder Ex-Prisonéier op der Gare géifen zirkuléieren, dann géiw daat secherlech näischt schueden.

## Léisungsvirschlo N° 1: **Besser an d'Therapie, wéi an de Prisong**

Leider komme ganz vill Leit mat Drogeproblemer fréier oder spéider an de Konflikt mam Gesetz an och vill vun hinne landen zu Schraasseg.

Ee globaalt Iwwerdenke vun eiser (gescheiterter) repressiver Drogopolitik ass néideg. Am Joer 2019 waren iwwer 30% vun den Untersuchungshäftlinge wéinst enger Infraktioun mam Drogegesetz am Prisong.

Sou schreift Mme Claudia Monti – an hirer Funktioun als ‘*Contrôleur externe des lieux privatifs de liberté*’ - an hirem leschten Rapport<sup>1</sup>, ‘La problématique des stupéfiants en milieu carcéral’ Folgendes : « *Le Contrôleur externe recommande dès lors de suivre autant que possible les normes internationales invitant les cours et tribunaux à recourir à ces alternatives [à l’incarcération] pour prendre en charge les personnes souffrant de toxicomanie.* »

*Il invite les autorités judiciaires, mais aussi les responsables politiques à développer une approche différente en la matière, faisant des incarcérations des personnes souffrant de dépendances et ayant commis des infractions en lien avec cette dépendance, l’exception. »*

Mir invitierien lech dee ganz intressante Rapport vun der Mme Monti ze liese – hei ginn eng ganz Rëtsch vu Léisunge proposéiert fir Leit mat Drogeproblemer nohalteg ze hëllefén am plaaz si an de Prisong ze stiechen.

De Prisong ass definitiv déi falsch Plaz fir Leit mat Drogeproblemer – no puer Méint an Untersuchungshaft resp. puer Joer zu Schraasseg landen der erëm ganz vill op der ,case de départ“ an zwar op der Stater Gare.

## Léisungsvirschlo N° 2: **De Projet ‘Maison de transition’ muss emgesaat ginn**

Um Enn vu der Strof ass d'Situatioun vu ganz ville Ex-Prisonéier folgend : keng Wunneng a keng Aarbecht. Genee an dësem Moment ass et wichteg, dass Ex-Prisonéier ennerstëtzzt gi fir eben net erëm an d'Kriminalitéit ze rutschen. Leider stelle mir fest, dass vill Ex-Prisonéier ouni Perspektive (well ouni Wunneng an/oder ouni Aarbecht) erëm am Garer Quartier landen a bei villen ass de Wee an d'Kriminalitéit oft schonns virgezeechent.

D'Léisung fir dësen Däiwelskrees läit um Dësch : de Projet vun der ,*Maison de transition*‘. Am Joer 2018, op Initiative vun der Caritas, ass dëse Projet ausgeschafft gin an den deemolege Justizminister Bratz wollt Alles énnerhuelen fir dëse Projet esou séier wéi méiglech émzesetzen. Tëscht 12 a 15 Ex-Prisonéier sollten an der Struktur vun der ,*Maison de transition*‘ Énnerstëtzung fanne fir d'Reinsertion sociale z'erméiglechen an d'Recidive z'évitierien.

Sou stoung och am Regierungsprogramm<sup>2</sup> vun 2018 Folgendes : « *Les travaux relatifs à la création de maisons de transition seront poursuivis afin de continuer à promouvoir la réinsertion sociale des détenus. La préparation à une réinsertion sociale réussie des détenus ne s'arrête pas au moment de leur sortie de prison. Afin d'éviter que les efforts de réinsertion sociale faits en prison soient vains, ce projet vise à soutenir ces personnes, pendant une période de transition et principalement en termes de logement et d'autres aides psycho-sociales, afin qu'elles puissent retrouver définitivement leur place dans notre société.* »

Leider ass dësen ganz wichtegen Projet nach émmer net émgesaat.

**ERAN, ERAUS  
... AN ELO?**

**www.eran-eraus-an-elo.org**

<sup>1</sup> <http://www.ombudsman.lu/uploads/RV/RV18%20-%20Rapport.pdf> – Säit 35

<sup>2</sup> <https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2018/12-decembre/Accord-de-coalition-2018-2023.pdf> - page 25